ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg ass Kandidat fir een net-permanente Sëtz am UN-Sécherheetsrot fir d'Mandat 2031/2032. Dofir ass et vu besonneschem Gewiicht, wann den Här Staatsminister a senger rezenter Ried (23.9.22) virun der Vollversammlung vun der UNO seet: *"Nous continuons de soutenir les appels au renforcement de l'Assemblée générale et à la réforme du Conseil de sécurité afin de rendre le Conseil plus représentatif, plus efficace et plus redevable à l'égard de l'ensemble des Etats membres."*

An deem Kontext hnn ech folgend Froen un den Här Staatsminister:

1) Kann den Här Staatsminister preziséieren, mat wéi enge Mëttele Lëtzebuerg d'Vollversammlung vun der UNO stäerke wëll?
2) Wéi stellt sech den Här Staatsminister konkret eng Reform vum UN-Sécherheetsrot vir, fir dëst Organ *"plus représentatif, plus efficace et plus redevable à l'égard de l'ensemble des Etats membres"* ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser,
Deputéierten